

**REGISTRE AUX DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL**

**Séance publique n° 2020/07 du 26.10.2020**

Date de l'annonce publique : **20.10.2020**

Date de la convocation des conseillers : **20.10.2020**

**Présents :**

a) physiquement :

**MM. et Mmes Lies, bourgmestre, Adehm, Beck, Juncker, échevins, Feyder, Keller, Leven, Pleimling, Tex, Theis, Velazquez, Wester, conseillers,**

**Mertes, secrétaire adjoint**

b) par visioconférence :

**///**

**Absents :**

a) excusé :

**M. Lamberty, conseiller**

b) sans motif :

**///**

**Votants par  
procuration :**

**Mme Goerens (mandataire : Roland Tex), Mme Huberty (mandataire : Guy Wester)**

**Point de l'ordre du jour : 11**

**Objet : Résolution relative au contournement de Hesperange - Alzingen**

**Le Conseil Communal,**

Vu la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;

Revu sa délibération du 10 février 2014 portant approbation d'une résolution relative à la construction d'un contournement 'module sud nouvelle N3 – contournement sud d'Alzingen;

Revu sa délibération du 11 juin 2018 portant approbation d'une résolution du collège des bourgmestre et échevins relative au projet du contournement d'Alzingen – Nouvelle N3, module Sud;

Vu l'urbanisation et le développement du Ban de Gasperich impliquant une augmentation non négligeable du trafic routier journalier ;

Vu le projet de résolution présenté par le collège des bourgmestre et échevins ;

Après en avoir délibéré conformément à la loi et à l'unanimité des voix

**Décide**

d'approuver la résolution suivante :

Déi nei N3 setzt sech aus 3 verschiddene Modulen zesummen.

D'Aarbechten um Module Nord lafen op vollen Touren a solle bis Enn 2021 ofgeschloss sinn. An de kommende Méint soll och um Module Central (rue Rangwee a rue des Scillas) ugefaange ginn, notament wat d'Reseae fir d'Iwwerflächewaasser an d'Ofwaasser betrëfft.

D'Aarbechten un de Modulen Nord a Central befanne sech am urbane Raum a si besonnesch schwiereg ëmzesetzen well d'Propriétéitsverhältnisser vu Säiten vum Staat nach net all gekläert sinn a well sech aktuell nach privat Infrastrukturen op Parzelle befanne wou Stroossen- an Trambauaarbechten gemaach solle ginn.

Datt um Houwald d'rue des Scillas bis zum Rondpoint beim Cactus als néi N3, also zu enger Strooss vun nationaler Bedeitung, ëmgebaut gëtt, mécht och nëmmen da Sënn, wann hannendrun de Module Sud, also de Contournement d'Alzingen, als logesch Suite esou séier wéi méiglech realiséiert gëtt, dëst fir

datt de Verkéier ongebrems vum der Gare a Richtung Fréiseng an ëmgedréint fléisse kann. Domat géif Hesper endlech vum Duerchgangsverkéier entlaascht an d'NOx-Wäerter an der national héchst belaaschteter Strooss, der rue de Gasperich, verréngert ginn.

Réischt nom Bau vum Contournement ass un de Réckbau vum der aktueller N3, der route de Thionville zu Hesper, um Houwald an zu Bouneweeg ze denken, a réischt dann ass mat enger wesentlecher Verbesserung vum der Verkéierssituatioun, der Loftqualitéit esou wéi der Liewensqualitéit ze rechnen.

Déi lescht Zäit huet ons virun Ae gefouert wat fir eng gewaltig Inzidenz d'Urbaniséierung vum Ban de Gasperich (PAP Grossfeld) op d'Verkéiersentwicklung an eiser Gemeng huet. An dobäi ass e gudden Deel vun de Gebaier nach an der Konstruktioun an den Homeoffice wierkt als Retardeur vum enger enormer Belaaschtung déi op ons zourullt. Zu de Spëttestonnen ass aktuell schonns a villen Deeler vum onser Gemeng d'Verkéierssituatioun katastrophal a vu Liewensqualitéit ass net méi ze schwätzen. Verschidden Awunner aus der Gemeng hunn sech op Grond vun dësem Ëmstand zu engem Gruppement zesumme gedoe fir op d'Drénglechkeet vum enger Ëmgehungsstrooss hinzewiesen.

Beim Module Sud ass awer och no ville Joren nach ëmmer net beschloss wéi den definitiven Tracé verlafe soll. Nodeems onser Gemeng versprach ginn ass, dass d'Consultation publique fir d'éischt am Joer 2018 duerno am Joer 2020 sollt ofgehalen ginn, géif de Gemengerot vun der Gemeng Hesper lo endlech gäre wësse wéini eng definitiv Decisioun iwwert den Tracé vum der Ëmgehungsstrooss Hesper/Alzeng geholl gëtt.

De Staat propagéiert iwwert e Comité de Pilotage dass de sougenannte Midfield tëscht der ZAC Houwald an dem Ban de Gasperich (PAP Grossfeld) iwwert ronn 20 Hektar soll urbaniséiert ginn. De Gemengerot vun der Gemeng Hesper ass der Meenung, dass fir d'éischt mol all Infrastruktur vum öffentlichen Transport, der Mobilité douce an dem Individualverkéier soll fäerdeg gestallt sinn, éier nei Infrastrukturen op dëser Plaz ëmgesat ginn.

D'Entwicklung vum Ban de Gasperich an der ZAC Houwald bréngt gläichzäiteg e grouse Wuesstem vun der Populatioun mat sech. Heibäi dierf een de Besoin no gëeegenten Infrastrukture fir eng Grondschoul esou wéi fir eng Maison Relais net aus den Ae verléieren. Aus urbanisteschen an verkéierstechnesche Grënn wier de Bau vu gemeinsamen Infrastrukturen hei ganz sënnvoll.

Nieft dem Ëmstand dass de Verkéier zouhëlt, si verschidde Busverbindungen am Kader vum der Reorganisatioun vum RGTR, dem Routstëft zum Affer gefall. De Responsabele vun eiser Gemeng, Vertrieeder aus dem Schäfferot an zoustänneg Gemengebeamte gouf virum der Reorganisatioun a Workshopen ëmmer gesot dass d'Uertschafte wéi Fenteng an Izeg eng besser Ubannung un den öffentlichen Transport géife kréien. Leider ass z.B. zu Fenteng esouguer de Contraire agetruden.

De Gemengerot vun der Gemeng Hesper fuerdert d'Regierung op, der Ëmgehungsstrooss Hesper/Alzeng absolut Prioritéit ze ginn a bis zum Enn vun dësem Joer een definitive Tracé festzehalen an e Gesetz iwwert dëse Projet am kommende Joer am Kader vum de „grands projets d'infrastructures“ ze déposieren.

Eis Gemeng erstéckt haut schonns am Verkéier. Ier de Staat dohi geet fir nei öffentlichen Infrastrukturen, wéi z.B. en neie Lycée ze plangen an ëmzesetzen, soll de Staat sech dozou engagéieren, dass déi ganz Infrastruktur vum der neier N3 (Module Nord, Central a Sud), besonnesch och mam Module Sud, der Ëmgehungsstrooss ronderëm eis Gemeng, fäerdeg gestallt gëtt. Déi komplett Gare périphérique muss natierlech och operationell sinn. Aus dësem Grond fuerdert de Gemengerot vun der Gemeng Hesper d'Regierung op, keng nei Infrastrukturen um Midfield ze bauen ier net all verkéierstechnesche Infrastrukturen an a ronderëm dëse Pôle fäerdeg gestallt sinn.

Fir de Besoine vun der rasanter demographescher Entwécklung Stand ze halen, fuerdert de Gemengerot vun der Gemeng Hesper d'Regierung op, alles an d'Weeër ze leede fir eng gemeinsam Grondschoul a Maison Relais fir dësen Deel vun der Stad Lëtzebuerg an dem Houwald ze plangen.

Den ëffentlechen Transport ass e wichtegt Verbindungsglied an eiser Gesellschaft. Zanter Jore setzt sech eis Gemeng fir eng Stäerkerung vum ëffentlechen Transport an. Aus dësem Grond fuerdert de Gemengerot vun der Gemeng Hesper d'Regierung op, eng Verbesserung vun dem RGTR-Réseau, besonnesch an den Uertschaften Fenteng an Izeg, ëmzesetzen.

En séance à Hesperange. Date qu'en tête.